PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

Den 27ten September huet de Policeminister zesummen mam Direkter vun der Regioun Capitale an dem Directeur central vun der Police ee Plang fir ee bessert Sécherheetsgefill fir de Bierger virgestallt. Laut dësem Plang sollen d'Beamten an den Komissariater an der Stad (Gare, Centre an Bounneweg) vu Beamten aus aneren Déngschter ënnert d'Äerm gegraff kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Beamten wäerten Vollzäit bei den Commissariater an der Stad dobäi kommen?
   Wéi vill Beamten wäerten Deelzäit bei den Commissariater an der Stad dobäi kommen? Vu wéi enge Kommissariater wäerte Leit ofgezu ginn?

2. Ass geplangt, dass nach weider Policekommissariater (ausserhalb vun der Stad) bis Enn 2021 sollen op dësem Wée ënnersetzt ginn ? Falls jo,
   - ëm wéi eng Kommissariater handelt et sech a wéini wäerten se ënnerstëtzt ginn (opgelëscht no Mount an deem dës Opstockung soll stattfannen)?
   - kann de Minister d'Unzuel vu virgesinnen zousätzlechen Beamten pro Commissariat nennen?
   - kann de Minister Ugabe maachen, ëm wéi vill Prozent d'Aarbechtsstonnen op dëse Kommissariater géif klammen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député